

FSCL - GT jeunes

Réunion 17.10. 2022

Präsensen : Claude Magar, Marco Schmit, Spautz Richard, Romain Engels, Dirk Pütz, Suzie Godart, Marc Logelin, Pierre Sinner

Exc.: Guy Kruchten

An der Reunion vum 17.10. gouf iwver Technikofzeechen vum 22.10.2022 diskutéiert an all Detailer festgehalten

Manifestatioun gëtt zu Schëtter/Mënsbech vun der l'Hirondelle Schuttrange organiséiert mat Ufank um 11.00 Auer a viraussichtlech Enn géint 16.00 Auer  
Samschdes den 22 Oktober ass déi Equipe di Opriicht um 08.30 sur place  
Um 10.30 ass e Briefing vir all déi Persounen déi ob den Ateliere ageschriwwen si vir ze hëllef. Dat gëtt deenen betreffenden vun der FSCL matgedeelt. All déi di ob engem Atelier hëllef kréien all Paperassen, e Klemmbried an eng Schreif

All deenen déi vun de Veräiner ob den Ateliere gehollef hunn e grouse Merci !

D'Material gëtt vum Romain Engels zesummegeallt an ob d'Plaz transportéiert

Et gouf festgehalten dass déi Elteren vun deenen Kanner déi keng Sportlizenz hunn, eng décharge parentale mussen ënnerschreiwen (Eng offiziell Versioun an der Annexe vir all zukünftege Gebrauch)

De Club L'Hirondelle Schuttrange mécht e Catering contre paiement, an decidéiert selwer wat si mat deenen Suen maachen, déi si erakréien

Vir di Leit déi ob den Ateliere schaffen gëtt e kleng six-pack Waasser virgesinn

D'Inscriptiounen an all administrativ Demarchen ginn an engem Raum gemaach do wou den Atelier 1 ass

Toiletten sinn och an dem Gebai

L'Hirondelle Schuttrange stellt eng Sono/Mikro Anlag zur Verfügung

Rapport a Konklusiounen iwver d'Organisatioun vum Technikofzeechen den 22.10.2022

Debriefing vum Technikofzeechen, Méindes, en 24.10.2022 zu Schëtter

Präsensen: R. Spautz, C. Magar, S. Godart, R. Engels, D. Pütz, M. Schmit

De Gt-jeunes huet festgehalten dass d'Organisatioun vum Technikofzeechen e grouse Succès war.

69 Kanner si Klasséiert ginn a wat ganz erfreelech ass dass 28 non-licenciés (si mes comptes sont bons !) déi matgemaach hunn.

Klassementer sinn an zwou verschidden Versiounen ob der Homepage vun der FSCL publizéiert:

- eng Version vum C. Magar,

- eng Version vum R. Spautz.

Der Iwersichtlechkeestshalber wär et gutt wann nëmmen 1 Versioun (di offiziell an homologéiert ass ) do publizéiert wier.

De R. Spautz huet och Fotoen vun all Ateliere gemaach, sou dass déi vir di zukünfteg Organisatiounen mat der Beschreibungen déi am Dokument iwver Technikofzeechen kënnen gebraucht ginn, wat bei der Organisatioun zu enger globaler koherenter Homogenitéit féiert. (Dat Dokument gëtt bei der FSCL hannerluecht a kann do ugefrot gin)

Well mer dervun ausginn, dass Technikofzeechen all Joer kann organiséiert ginn, missten verschidden Eckwäerter gekläert ginn, an déi néideg Decisiounen geholl ginn. Dozou zielen :

- En Datum den am FSCL Kalenner soll festgehalen ginn, am beschten um Kalennerkongreess
- E Club den seng Kandidatur stellt vir Technikofzeechen, an Zesummenaarbecht mam GT – jeunes vun der FSCL ze organiséieren
- Eng Platz wou et organiséiert gëtt (Hei wär doriwwer nozedenken ob een net kéint am Kader vun der Konventioun, déi FSCL mam ACL huet, ob Kartingpist zu Mondercange kéint zrëckgräifen. Dat hätt och de Virdeel dass d'Material ob der Platz kéint stockéiert ginn, a net all kéier muss zesummegehallt, an transportéiert gin)
- Vu Virdeel wär et wann 1 Set vum Material, wat gebraucht gëtt géing kaaft ginn (Eng Materiallëscht vun dem dëst Joer gebraucht gouf, hänken ech mat un de Rapport)

Romain Engels 31.10.2022